PASSER L'HIVER SANS SEL.

# Ouni Streesalz duerch de Wanter.

Zolwerknapp 422m

Lëtschëf 395m

Pakebierg 379m

Gaalgebierg 403m

* Wiederofhängeg

## Schnéischëppe mécht fit!

### D'Technik
Beim Oplueden an d'Knéie goen an de Réck riicht halen. D'Kraaft kënnt aus de Cuissen. Beim Ewechgeheie vum Schnéi soll d'Dréibeweegung net aus dem Réck kommen.

### D'Schëpp
D'Schëpp soll liicht a stabil an de gekrëmmte Still laang genuch sinn, fir sech net bécken ze mussen. D'Gréisst hänkt vum Asazzweck of. Bei wéineg Schnéi hëlleft e Schnéischiber. Bei vill Schnéi gëtt d'Drécken awer ze schwéier. Hei kënnt d'Schnéischëpp an den Asaz, fir méi kleng Quantitéiten unzehiewen an ewechzegeheien.

### Den Ufank vun der Aarbecht
Wa méiglech direkt nom Schnéifall, wann dësen nach labber do läit.

### Eeler Leit
Merci.

Hëlleft eeleren oder beweegungsageschränkte Leit beim Schnéischëppen.

## ALTERNATIVEN ZUM STREESALZ

**De richtege Buedembelag virgesinn**
Een onversigelten, knubbelege Belag ass manner rëtscheg a léisst d'Schmëlzwaasser asickeren, wat och d'Äisplackebildung verréngert.

**Antirutschmatten**
Gewiefte Matten aus Naturfaser, Metall- oder Gummisgitter mat Lächer oder Naturmaterialien (z. B. Dännenäscht) ginn zousätzlechen Halt.

**Kräsi, Sand & Splitt**
Rutschhemmend Streemëttel sollen direkt nom Schmëlze vum Schnéi erëm opgeraf a fir den nächsten Asaz ewechgeraumt ginn.

## WISOU STREESALZ VERMEIDEN?

**Déieren**
Entzündungen a Verdauungsproblemer duerch Oflecke vun de Patten.

**Materialschued**
D'Salz gräift Uewerfläche vu Gebaier a Gefierer un.

**Grond- & Fléissgewässer**
D'Salz verréngert d'Waasserqualitéit a schuet de Waasserorganismen.

**Buedem**
D'Salz schiedegt Buedemorganismen a -liewewiesen.

**Flora**
Planze si méi ufälleg géintiwwer Krankheeten a stierwen am Extremfall of.

Version française

SUESSEM.LU/HIVERSANSSEL